Paroecia Atertdall

# Par Atertdall Sainte-Claire

**Parbréif vum 19. September bis 20. November 2022**

**N° 5/2022 – Jg. 6**



*Photo Charel Reiser*

# PAR ATERTDALL SAINTE-CLAIRE

Kierchen:

Beckerich, Bettborn, Buschrodt, Colpach, Dellen, Ell, Elvange, Everlange, Grevels, Grosbous, Heispelt, Huttange, Kahlenberg, Kuborn, Lannen, Levelange, Michelbouch, Nagem, Niederpallen, Noerdange, Oberpallen, Ospern, Petit-Nobressart, Redange, Reichlange, Rindschleiden, Rippweiler, Roodt, Schandel, Schweich, Useldange, Vichten, Wahl

aus de Gemengen:

Biekerech, Ell, Groussbus, Préizerdaul, Réiden, Useldeng, Vichten, Wahl




**PARZENTRUM:**
**40, Grand'rue  L- 8510 Redange-Attert**
E-Mail: atertdall@cathol.lu
Site: https://cathol.lu/atertdall
**Kontosnummer:**
**BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000**
Facebook: Par Atertdall Sainte-Claire | Facebook


## PASTORALEQUIPE :

Père Jean-Jacques FLAMMANG S.C.J., curé-modérateur  Tél: 661 746 852
jean-jacques.flammang@cathol.lu

Père Mathieu JANSSEN M.O., curé

Abbé Vincent BILLOT & Abbé Jacques BAGNOUD, subsidiaires

**FAMILLJEKATECHES & PETITE PASTO:**
Joke de KROON, coopératrice pastorale & catéchète Tél: 691 497 273
j.dekroon@cathol.lu        *& au bureau paroissial sur rendez-vous*



**KRANKEN- & ALTENPASTORAL:**
Marie-Claire Rasqué Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855

**BEGRIEFNISPASTORAL / Téléphone d'urgence: Tél. 621 686 102**

**SEKRETARIAT & BESTELLUNGEN vu MASSEN:**
Michèle ASSERAY, secrétaire Tél: 23 62 10 53      atertdall@cathol.lu

***Daschdig, Mëttwoch, Donneschdig vun 9.00 – 11.30 Auer & op R-V***
***Mardi, mercredi, jeudi, ouvert de 9.00 à 11.30 h & sur rendez-vous***

D'Sekretariat ass zou vum / le secrétariat sera fermé du
**26.9. - 29.9. & 31.10. - 3.11.2022**

## UMELDUNGEN

- fir eng **DAF** oder e **BESTIETNIS** ginn nëmmen am Parbüro ugeholl.

Viraussetzungen fir eng **DAF**:
- Rendez-vous mam Paschtouer mindestens 2 Méint virum gewënschten Datum (bréngt w.e.g. vu Pätter a Giedel e Firmschäin mat)

Viraussetzungen fir e **BESTIETNIS**:
- Umeldungen w.e.g. 1 Joer virum gewënschten Datum. (wéinst dem Deelhuelen un den Ehevirbereedungscours'en).

**INSCRIPTIONS** pour un **baptême** ou un **mariage** sont à adresser uniquement au secrétariat paroissial.

Conditions préalables pour un **baptême**:
Rendez-vous avec le prêtre au moins 2 mois avant la date désirée.
(Amenez s.v.pl. les certificats de confirmation de la marraine et du parrain)

Conditions préalables pour un **mariage**:
Inscription 1 an avant la date désirée et participation à la formation de préparation au mariage.

## NEWSLETTER – ABONNEMENT:

- D'Pastoraléquipe verschéckt regelméissig Neiegkeeten aus der Par per Mail un all Interesséiert Leit. Wann Dir iech wëllt abonnéieren, meld iech w.e.gl. am Parbüro mat engem Message per Mail un atertdall@cathol.lu

Léiwe Lieser vum **Parbréif**,
Dir sidd eisem Opruff nokomm fir eise Parbréif z'ënnerstëtzen.
De **Parbréif** kënnt ca. 6 Mol am Joer eraus, mat enger Oplo vun 1.500 Exemplairen. Entretien an Locatioun vun der Photokopiesmaschinn an de Pabeier loossen Onkäschte vun iwwer 6.000.- € entstoen.
Eis ass de Parbréif dat wäert!
Heimatt maachen mir weiderhin een häerzlichen Appel, fir Iech un dësen Onkäschten ze bedeelegen.

**E groussen MERCI fir all Iwwerweisung op de Kont**



**BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000**
(Kierchefong - Par Atertdall)
Déi Leit, déi de Parbréif gären iwwer Mail hätten sollen sech iwwert atertdall@cathol.lu mellen.

**De nächste Parbréif geet vum**
**>>> 21. November 2022 bis 22. Januar 2023!!! <<<**
**Redaktiounsschluss ass donneschdes, de 27. Oktober 2022.**

# *Léif Leit aus der Par Atertdall Sainte-Claire*

Mir hunn den 11. September déi 50 Joer Priisterwei vum **H. Paschtouer Mathieu JANSSEN** zu Useldeng gefeiert. Et war dat eng schéin, freedeg a beandrockend Feier, voll Dankbarkeet a gudder Ërennungen fir e Priister, deen och an eiser Par wärend méi wéi 30 Joer virbildlech pastoral gewierkt huet. Hie bleift och nach bei eis, esou laang wéi seng Gesondheet et him erlaabt. An esou wëll ech him vun hei aus déi beschte Gléck- a Segenswënsch ausdrécken.

Am Ufank vun dësem neien Pastoraljoer 2022/2023 hu mer gläich **5 gutt Noriichten**:

1. An eiser Par ass den **Abbé Jacques Bagnoud** ukomm, e Schwäizer Priister, deen am Pastoralteam vun der Par Atertdall Sainte-Claire wäert matschaffen. Mir wäerten hien op dem Forum, den **13. November** um 18.00 Auer zu Réiden am Centre polyvalent häerzlech wëllkomm heeschen.

2. Nodeems mer an aacht Virbereedungsversammlungen fir d'Synod op dat gelauschtert hunn, wat d'Leit aus der Par Atertdall Sainte-Claire gesot hunn, huet de Pastoralrot schon eng Rei Ännerungen proposéiert an en Aarbechtsgrupp gegrënnt fir sech mat dem Thema **«Stärekanner»** ofzeginn, wat an de Versammlungen zur Sprooch komm ass. Dësen Aarbechtsgrupp huet schon geschafft an d'Kierch vu Méchelbuch erausgewielt, fir eng Plaz fir d'Stärekanner aus der Par ze hunn. Den **11. Oktober** um 18.30 Auer gëtt do eng éischt Gedenkstonn ageluecht an eng «Equipe Stärekanner» gegrënnt. Weider Detailer fannt Dir hei am Parbréif.

3. D'**«Fraen a Mammen Par Atertdall Sainte-Claire»** hunn sech dëst Joer zesummegesat an de Wësch gebonnen fir de Waasser-Projet a Madagaskar ze ënnerstëtzen. Dëse Projet hu mer och erausgewielt fir am Pastoraljoer 2022/2023 weider ze ënnerstëtzen. De **Frère Joseph** vu Clairefontaine ass Responsabel fir dëse Projet. Hien kënnt de Projet bei der Scheckiwwerrechung vun de Fraen a Mammen Par Atertdall Sainte-Claire virstellen, den **21. Oktober** um 18.30 Auer am Préizerdaul am Centre culturel „op der Fabrik“. Weider Detailer am Parbréif.

4. Den **13. November** ass owes um 18.00 Auer am Centre polyvalent zu Réiden, e grousse **FORUM vum Pastoralrot.** Hei heeschen mir den **Abbé Jacques Bagnoud** als neie Geeschtlech an eiser Par wëllkomm. Duerno stellt de Pastoralrot seng Aarbecht an déi nei Projekter fir d'Zukunft vir. Mir maachen och e Résumé vun deenen aacht Virbereedungsversammlungen op d'Synode, an d'**Mme Josiane Mirkes**, Member vum äerzbëschoflechen Aarbechtsgrupp «Synod», ass bei eis fir weider Erklärungen ze ginn. Wéinst dem Owesiessen, daat zervéiert gëtt, muss een sech bis den *8. November am Parbüro umellen um Tel: 23 62 10 53.*

5. Nach eng aner gutt Noriicht. Nodeem d'Mme Joke de Kroon **d'Kateches** net méi leed, huet den Abbé Vincent Billot eng Equipe Kateches fir eis Par gegrënnt. E ganz groussen an häerzlechen Merci der **Mme Joke de Kroon** fir hier vill a wäertvoll Aarbecht mat de Kanner a mir si frou, datt den **Abbé Vincent Billot** dat Wierk weiderféiert.

Et wieren nach eng ganz Rei aner Punkten ze ernimmen, déi fannt dir hei am Parbréif oder spéider am Laf vum Joer, wéi déi nei Form vun de regelméissege Famillje-massen oder d'Virbereedung dëst Joër schon op d'**Journées mondiales de la Jeunesse** (JMJ) am Portugal 2023, wou och Jonker aus eiser Par matmaachen...

Op alle Fall e grousse Merci un eisen dynameschen Pastoralrot an all deenen, déi mathëllefen, datt mer am Atertdall eng lieweg Kierch hunn. Dofir en Opruff un iech all: zéckt net iech ze mellen fir an deenen verschiddenen Equippen matzemaachen a vum räichen Angebot an eiser Par ze profitéieren. An deem Sënn wënschen ech iech all e gutt neit Pastoraljoer 2022/2023.

***P. Jean-Jacques Flammang SCJ***
*Curé-modérateur Par Atertdall Sainte-Claire*

## *Chers paroissiens,*

La nouvelle année pastorale a commencé. Nous avons la joie d'accueillir dans notre paroisse un nouveau prêtre, **l'abbé Jacques Bagnoud**, originaire de Suisse. Nous vous invitons à lui souhaiter la bienvenue lors du **Forum de notre Conseil Pastoral**, qui aura lieu, le **13 novembre** à 18.00 heures, au Centre polyvalent à Redange. Là, nous informerons aussi sur les activités futures de la paroisse.
Un repas sera servi. Nous vous demandons donc de vous inscrire au
*bureau paroissial avant le 8 novembre 2022 - Téléphone: 23 62 10 53.*

Je souhaite à vous tous une bonne nouvelle année pastorale 2022/2023, et n'hésitez pas à contacter l'équipe pastorale pour lui parler de vos propositions et souhaits.

***P. Jean-Jacques Flammang scj***
*Curé-modérateur de la paroisse Atertdall Sainte-Claire*

Parœcia Atertdall




Logo Stärekanner

# Stärekanner



Stärenhimmel an der Kierch zu Méchelbuch

Net all Kand ka liewen, wann et op d'Welt kënnt.

Kanner, déi wärend der Schwangerschaft, bei der Gebuert oder kuerz dono stierwen, ginn mat Léift *Stärekanner*, *Engelskanner* oder *Päiperléckskanner* genannt.

Den Numm Stärekanner ass aus der Virstellung entstan, dass di vill ze fréi verstuerwe Kanner als Stären um Himmel fénkelen an esou e Liichtbléck an der Däischtert vun der Trauer sinn, esou wéi et am klenge Prënz vum Antoine de Saint-Exupéry heescht: „Wenn du bei Nacht den Himmel anschaust, wird es Dir sein, als lachten alle Sterne, weil ich auf einem von ihnen wohne, weil ich auf einem von ihnen lache. Du allein wirst Sterne haben, die lachen können."

D'Stärekanner hannerloossen e Lach, eng grouss Trauer awer och ganz vill Léift. Si an hir Familljen brauchen eng Platz.

An de presynodale Versammlungen an eiser Par war dëst en Thema. An engem Aarbechtsgrupp gouf d'**Kierch vu Méchelbuch** ausgewielt, an do kréien d'Stärekanner, am **Schutz vun der Mutter Gottes**, eng Platz. Stären stinn zur Verfügung a kënnen opgehaange ginn, mam Numm (oder ouni) vum Kand. Do kann da jiddereen eleng oder awer zu méi hirer gedenken.

Et steet och Informatiounsmaterial zum Thema zur Verfügung.

D'Kierch ass all Dag op vun 9:00 - 17:00 Auer.

Iwwert d'Telefonsnummer **+352 621 686 102** kann e Kontakt mat enger Uspriechspersoun ophuelen, déi nolauschtert an/oder weiderhëlleft bei Froen oder weiderleet op spezialiséiert Platzen.

**Mir invitéieren Iech, mat äis zesummen, eise Stärekanner ze gedenken**
**en Dënschdeg, den 11.Oktober um 18.30 Auer an der Kierch zu Méchelbuch**.

*"Im gemeinsamen Erinnern, Schweigen und Beten soll erfahrbar werden, dass Trauernde nicht allein sind und dass im Miteinander Hoffnung, vielleicht auch Trost entstehen kann."*

*Aarbechtsgrupp « Stärekanner » vum Pastoralrot aus der Par Atertdall Sainte-Claire*

**De Gesank Gemeng Wahl invitéiert op hire**

# Familljendag

**zu Gréiwels am Centre Néi Brasilien**

**Oktober 16 2022**

**vun 11 Auer un Apéritif**
**vun 12 Auer un Mettegiessen**

Menu :
**Ham, Fritten an Zalot**

Präis : 20 €

**Kanner- Menu**

**Umelden bis den 10. Oktober bei:**

Risch-Majery A. Tel.: 26880653 oder Kettel A. Mail: aakettel@pt.lu

**Dee ganze Mëttig as Kaffisstuff, an eng schéin Tombola**

## Sonndes, den 16. Oktober 2022:

### offiziell Virstellung vum Themewee laanscht d'Kräizer an d'Kapellen

*Eng geféiert Wanderung (+/- 8 km) geet um 8.30 Auer zu Gréiwels beim Centre Néi Brasilien fort (1 Taass Kaffi an 1 Croissant) a féiert iwwer Heeschpelt, Kéiber, Brattert a Randschelt erëm zréck op Gréiwels mat Tëschestopp zu Kéiber (Aperitif).*

## *Schöpfungsdag* ACFL 24. September 2022

Thema ass:

**„Höchste Zeit für die Schöpfung!“**

**Depart: 9:45 Auer** bäi de**r Kierch** zu **Réiden**
**Wee: 5,5 km** liicht bis mëttel *(ditt w.e.g. awer är Wanderschong un)*
**Dauer:** ca 2 Stonnen
Wien Loscht huet mat Iessen ze goen, soll sech w.e.g. bäi der Zentral bis den 20. September um 44 74 33 45 oder iwwert Email: tausch@acfl.lu umellen *(w.e.g. op den AB schwätzen).*

---

## Ausstellungen an der Kierch zu WAHL

Aus de Kollektioune vum Musée Thillenvogtei presentéiert d'"Asbl Wahler Kierch" permanent kleng Ausstellungen:

Bis den **30. September** mam Thema: Kannerzeitung „Pico" vun de Steyler Missionaren.
Ab **1. Oktober – 27. November**: Thema: „Allerhelljen".
Ab **4. Dezember,** 2. Adventssonndig, steet d'Ausstellung vun de Krëpperchen.

---

## Familljefest vun der asbl Kierch am Duerf - Gemeng Useldeng

**Sonndig, den 2. Oktober** ass Kaffisstuff vu 16.00 Auer un.

Um 18.00 Auer ass Concert vun der Useldenger Harmonie.

Duerno: Haam, Fritten an Zalot oder Haameschmier.

*Umeldungen w.e.gl. um Tel: 23 63 91 34 oder 23 63 80 34.*

---

## Konferenz iwwer de Waasser-Projet Madagaskar

Freideg, den **21. Oktober** 2022 um 18.30 Auer am Préizerdaul *„op der Fabrik"*

De Frère Joseph SCJ presentéiert eis de Waasser-Projet am Madagaskar.

D'Fraen a Mammen ACFL Par Atertdall Sainte-Claire iwwerreechen dem Frère Joseph de Scheck vum Erléis vun de Wëscher, déi sie gebonnen a verkaaft hun fir Krautwëschdag.



# AGENDA: Massen – Fester – Feieren

**Dënschdeg 20. September**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet** 

**Mëttwoch 21. September Hl. Matthäus, Evangelist**

**Osper 18.30 Mass**

**Donneschdeg 22. September**

**Iewerleng 18.30** 6.WM Irma Mergen-Weimerskirch & Verst. Fam. Mergen a Weimerskirch

**Freideg 23. September Hl. Pius, Padre Pio**

**Bettborn Préizerdaul** *église/Kierch* **19.30 Réunion d'information pour les parents des enfants de la catéchèse**
**Informatiounsversammlung fir d'Elteren vun de Kanner aus der Kateches**



**Useldeng** *Kierch* **19.30 Treffen vun de Firmlingen 2022 duerno gemeinsamt Pizza-lessen**



**Samschdeg 24. September**

**Réiden** *virun der Kierch* **09.45 Schöpfungsdag: meditativ Wanderung um Franziskuswee** - Départ virun der Kierch zu Réiden *Org.: ACFL Par Atertdall (Info S. 8)*

**Schandel 10.00 Kommiounsvirbereedung** 

**Randschelt 11.00 Daffeier Ella FAUZZI** 

**Vichten 17.00 Petite Pasto** 

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet**

**Rippweiler 18.30** 1.JM Joé Schmit

**Préizerdaul 18.30 Virowendmass**
Marcel Nommesch a Mathilde Schmit & Georges Dal
Stg. Marguerite a Sophie Majerus
Stg. Fam. Schintges-Kloos

*Ell* *église* *20.00* Concert autour des cantates de Bach *avec l'ensemble luxembourgeois AD LIBITUM*
*Org.: Musique dans la vallée de l'Attert*

## Sonndeg 25. September 26. Sonndeg am Joreskrees

| | | |
|---|---|---|
| **Kéiber** | **10.30** | **Kiermesmass**<br>JM. Camille Reuter<br>Eugénie Threis<br>Fam. Majerus-Schloesser-Collignon<br>Ernest Muller, bestallt vum Gesank Gemeng Wahl<br>**uschléissend Griewerseenung** |
| **Useldeng** | **10.30** | **Houmass zu Éieren vum hl. Franziskus mat Meditatiounen iwwert de Psalm 104.**<br>**„Ein Loblied auf den Schöpfer“**<br>1. JM Geneviève Keipes-Wildschütz<br>Roby Losch<br>Nic Anzia a Fam. Ney-Koob<br>Maria a Josy Schmit-Kohner<br>Verst. Fam. Barthelemy-Dondlinger<br>Marie & Jean-Pierre Scholtus-Dondlinger |
| **Réiden**<br>*Kierch* | **18.30** | *KENG Owesmass – **Ausstellung am Kader vum Kropemannsfest*** |

## Méindeg 26. September

➢ Leschten Délai fir d'Aschreiwung fir d' **FIRMUNG 2023**

## Dënschdeg 27. September Hl. Vinzenz von Paul

| | | |
|---|---|---|
| **Schandel** | **14.00** | **Kommiounsvirbereedung**  |
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet**  |
| **Nojem** | **18.30** | **Mass** |

## Donneschdeg 29. September Hl. Michael, Gabriel, Rafael

| | | |
|---|---|---|
| **Vichten** | **14.00** | **Kommiounsvirbereedung**  |
| **Vichten** | **18.30** | **Bibelowend** |

## Freideg 30. September

| | | |
|---|---|---|
| **Réiden**<br>*Kierch* | **19.30** | **1. Versammlung fir d'Firmlingen 2023**<br>**Première réunion pour confirmands 2023**  |

Gebetsanliegen des Papstes für den Monat Oktober
Wir beten für eine Kirche, die treu und mutig das Evangelium verkündet, eine solidarische Gemeinschaft ist, jeden willkommen heisst und in einer Atmosphäre der Synodalität lebt.

# Oktober - Rousekranzmount

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **01. Oktober** | |
| **Ell** | **14.00** | **Daffeier Emilie & Gabriel MACHIELS** |
| **Randschelt** | **16.30** | **Daffeier Nora LOOR** |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Ell** | **17.30** | **Daffeier Léa LOPES SCHMIT** |
| **Ell** | **18.30** | **Virowendmass**<br>Suzanne Baustert & Elteren<br>Stg. Fam. Godelet & Peiffer<br>Stg. Fam. Schlesser-Hoffmann |
| **Vichten** | **18.30** | **Virowendmass**<br>Claude Nickels<br>Pedro Osvaldo De Sousa & Maria Elvira Fernandes |
| *Préizerdaul*<br>*Kierch* | *20.00* | *Concert Quatuor vocal A'dam*<br>*Org.: Musique dans la vallée de l'Attert* |
| **Sonndeg** | **02. Oktober** | **ROUSEKRANZSONNDEG** |
| **Groussbus** | **10.30** | **Houmass**<br>Albert Pletschette<br>Fam. Piron-Ihry<br>Roger Duhem & Livio Tomassini<br>Stg. Catherine Dennemeyer-Grisius<br>Stg. fir Wohltäter |
| **Biekerich** | **10.30** | **Houmass**<br>JM. Paul Origer |
| **Useldeng**<br>*Centre culturel* | | **Familljefest vun der *asbl Kierch am Duerf-Gemeng Useldeng*** (Info S. 8) |
| **Réiden** | **18.30** | **Messe en français**<br>André Kries |
| **Dënschdeg** | **04. Oktober** | **Hl. Franz vun Assisi** |
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet** |
| **Iewerleng** | **18.30** | **Täizé-Gebiet: Hl. Klara an Hl. Franziskus** |
| **Donneschdeg** | **06. Oktober** | |
| **Useldeng** | **19.00** | **Rousekranz fir déi Verstuerwen aus der Gemeng Useldeng (Nov. 2021 - Okt. 2022)**<br>*Org.: KaD* |

| **Freideg** | **07. Oktober** | **Hl. Muttergottes vum Rousekranz** |
|---|---|---|
| **Vichten** | **18.00** | **Rousekranzgebiet**  |
| **Bëschrued** | **18.30** | **Mass**<br>Jean Loutsch a Suzanne Becker<br>Stg. Huet Camille u. Anny Loutsch<br>Stg. Fam. Wiltgen-Olsem u. Pepin-Wiltgen<br>Stg. Emile Majerus u. Rosa Mertens |

| **Samschdeg** | **08. Oktober** | |
|---|---|---|
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Préizerdaul** | **18.15** | **Commémoratioun beim Monument** |
| **Préizerdaul** | **18.30** | **Mass fir de nationale Commémoratiounsdag**<br>François Schroeder & Fam. Schroeder-Schaul |
| **Vichten** | **18.15** | **Commémoratioun beim Monument** |
| **Vichten** | **18.30** | **Mass fir de nationale Commémoratiounsdag**<br>JM Fernand Jaeger; op Meenung (F) |
| *Réiden*<br>*Kierch* | *20.00* | *Concert ensemble vocal Marignan*<br>*Org.: Musique dans la vallée de l'Attert* |

| **Sonndeg** | **09. Oktober** | **28. Sonndeg am Joreskrees** |
|---|---|---|
| **Groussbus** | **10.00** | **Houmass fir de nationale Commémoratiounsdag**<br>6. WM Margot Helbach-Vinandy<br>**uschléissend Commémoratioun beim Monument** |
| **Useldeng** | **10.30** | **Familljemass fir de Commémoratiounsdag**<br>op Meenung (B)<br>Liliane Gengler-Ferber<br>Verst. Fam. Bingen-Weydert<br>Fam. Schroeder-Schauls a René Schroeder<br>Stg. fir Wohltäter<br>**uschléissend Commémoratioun beim Monument** |
| **Vichten**<br>*Kierch* | **16.00** | **Concert de musique baroque:** Schmelzer, Biber, Merula, Vivaldi, Haendel, Castello, Couperin<br>*Musiciens:*<br>Jehanne Strepenne, violon & Rosch Mirkes, orgue<br>*(quête après le concert)*<br>*Org.: Les Petits Spectacles Mosaïques* |
| **Réiden** | **18.15** | **Commémoratioun beim Monument** |
| **Réiden** | **18.30** | **Mass fir de nationale Commémoratiounsdag** |



**Dënschdeg 11. Oktober**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet**

**Méchelbuch 18.30 Mir gedenken eise Stärekanner**

*Info op Säit 6*






**Donneschdeg 13. Oktober**

**Réiden 18.30 ¾ Stonn fir mech mam Härgott**

**Samschdeg 15. Oktober**

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet – confession**

**Ell 18.15 Commémoratioun beim Monument**

**Ell 18.30 Mass fir de nationale Commémoratiounsdag**
Fam. Jans-Didier
Liew. & Verst. Fam. Diederich-Meyers

**Vichten 18.30 Virowendmass**
1.JM Marie-Louise Decker-Straus

**Sonndeg 16. Oktober 29. Sonndeg am Joreskrees**

**Osper 10.30 Houmass**
1.JM Victor Salentiny
Arsène Pletgen
Verst. Fam. Goedert-Schmit
Stg. fir Wohltäter

**Biekerich 10.30 Houmass fir de nationale Commémoratiounsdag**
op Meenung (M)
**uschléissend Commémoratioun beim Monument**

**Biekerich 11.30 Daffeier Mats & Mara UTTER**

**Gréiwels 11.00 Familljendag vum Gesank Gemeng Wahl**
*(Info op Säit 7)*

**Réiden 18.30 Owesmass**

**Méindeg 17. Oktober**

**Groussbus 18.30 Bibelowend**

**Dënschdeg 18. Oktober Hl. Lukas, Evanglist**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet** 

**Kéiber 18.30 Mass zum Titelfest**

**Mëttwoch 19. Oktober**

**Dellen 18.30 Mass**
op Meenung (EA)
Verst. Fam. Gremling-Krier

**Donneschdeg 20. Oktober**

**Dikrich 14.00 Generalversammlung vun de lëtzebuerger “Fraen a Mammen – ACFL”** *an der aler Seeërei*

**Préizerdaul 15.00 – 18.30 Ubiedung – Adoration**
*Et kann ee kommen a goen, esou wéi ët engem an de Dagesprogramm passt. Jiddereen ass wëllkomm.*



**Préizerdaul 18.30 Mass**
op Meenung (SK)

**Freideg 21. Oktober**

**Préizerdaul 18.30 Konferenz iwwer de Projet Madagaskar mam Frère Joseph SCJ mat Scheckiwwerreechung mam Erléis vum Wësch vun der ACFL Par Atertdall Sainte-Claire**
*„op der Fabrik“*



*De Waasser-Projekt am Madagaskar hëlleft de Leit, och an der Drechenzäit zu Wasser ze kommen.*

**Samschdeg 22. Oktober**

**Schandel 10.00 Kommiounsvirbereedung** 

**Vichten 17.00 Petite Pasto** 

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet – confession**

**Préizerdaul 18.30 Familljemass – messe des familles** 

**Sonndeg 23. Oktober WELTMISSIOUNSSONNDEG**

**Bëschrued** 10.00 **Kiermesmass**
Josy Ferber an Agnès Didier, Olga a Sr. Marie-Clémence Didier an Verst. Fam. Ferber-Didier an Didier-Feyder
Jean Becker a Marie Elsen, Irène Becker, Ferd Becker, Leo Olsem & Christian Warnier
Jos Zampicinini a seng Elteren Carlo Zampicinini an Anni Brimeyer, Camille Huet an Anni Loutsch
Stg. Léopold Majerus u. Mathilde Schroeder
**uschléissend Griewerseenung**

**Rued** **10.30** **Griewerseenung**

**Useldeng** **10.30** **Houmass**
op Meenung (M)
Maria a Josy Schmit-Kohner
Verstuerwen Maisy, Marcy & Marie-Thérèse

**Useldeng** **11.30** **Daffeier Enzo DA SILVA** 

**Nidderpallen** **15.00** **Griewerseenung**

**Réiden** **18.30** **Owesmass** fir d'Par

➢ *Den Affer ass fir d'Weltmissioun. Merci!*

**Dënschdeg 25. Oktober**

**Schandel** **14.00** **Kommiounsvirbereedung** 

**Iewerleng** **15.00** **Rousekranz- an Psalmegebiet** 

**> Redaktiounsschluss fir de neien Parbréif >> 27.10.2022 <<**

**Donneschdeg 27. Oktober**

**Vichten** **14.00** **Kommiounsvirbereedung** 

**Samschdeg 29. Oktober**

**Réiden** **17.00** **Beichtgeleeënheet – confession**

**Ell** **18.30** **Virowendmass**
JM Victor Crochet
Stg. Wohltäter der Kirche (Ro)

**Emstellen op d'Wanterzäit** 

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | **30. Oktober** | **31. Sonndeg am Joreskrees** |
| **Groussbus** | **10.00** | **Houmass**<br>Albert Pletschette<br>Roger Duhem & Livio Tomassini<br>Fam. Schuster-Mergen-Pott-Schaltz<br>Fam. Hoffmann-Mangen-Splicks<br>Stg. Fam. Ewertz-Wagener & Wagener-Jacobs<br>Stg. fir Wohltäter<br>**uschléissend Griewerseenung** |
| **Ielwen** | **10.00** | **Kiermesmass uschléissend Griewerseenung** |
| **Useldeng** | **15.00** | **Griewerseenung** |
| **Réiden** | **16.30** | **Uergelconcert „Bach und Söhne/Schüler“**<br>*Organist:* Carlo Philippe |
| **Réiden** | **18.30** | **Owesmass** fir d'Par |

Gebetsanliegen des Papstes für den Monat November.
Wir beten für leidende, besonders für obdachlose Kinder, für Waisen und Opfer bewaffneter Konflikte, um Zugang zu Bildung und die Möglichkeit, Zuneigung in einer Familie zu erfahren.

| | | |
|---|---|---|
| **Dënschdeg** | **01. November** | **ALLERHELLGEN** |
| **Biekerich** | **10.00** | **Houmass**<br>op Meenung (R)<br>**uschléissend Griewerseenung** |
| **Réiden** | **10.00** | **Houmass uschléissend Griewerseenung** |
| **Uewerpallen** | **11.15** | **Griewerseenung** |
| **Kéiber** | **14.30** | **Griewerseenung** |
| **Ell** | **15.00** | **Houmass**<br>Fam. Didier-Rodenmacher<br>Fam. Weisgerber-Ragon<br>François a Marie-Thérèse Wilwertz-Salentiny & Famill<br>Albert Ries & Virginie Ries-Reiland<br>Stg. Wohltäter der Kirche (Co)<br>**uschléissend Griewerseenung** |
| **Heeschpelt** | **15.00** | **Griewerseenung** |
| **Näerden** | **15.00** | **Griewerseenung** |
| **Gréiwels** | **15.00** | **Griewerseenung** |

**Wahl** **15.30** **Mass**
Maria an Arthur Pletschette-Bache an hir Jongen Leo, Camille an Aly
François a Roland Mores, Bernard a Catherine Lucius-Laschette; Roby Kneip & Elteren
Jean-Pierre Meiers & Marie Schoeben
Ida & Alfred Schartz-Rodenbour
Stg. Madeleine & Jos Majerus-Schroeder
**uschléissend Griewerseenung**

**Rippweiler** **15.45** **Griewerseenung**

➢ *Den Affer ass fir d'Obdachlosenhëllef vun der CARITAS. Merci.*

**Mëttwoch 02. November ALLERSÉILEN**

**Préizerdaul** **10.00** **Mass**
op Meenung (M.G.&L.I.&L.A.)
**uschléissend Griewerseenung**

**Vichten** **10.00** **Mass**
Verst. Fam. Noben-Lebendig
Alberto de Noronha & Maria do Carmo Lourenço
Fam. Joséphine Thilmany-Goedert a Fam. Arendt-Koster
Stg. fir Wohltäter
**uschléissend Griewerseenung**

**Nojem** **14.30** **Griewerseenung**

**Iewerleng** **15.00** **Griewerseenung**

**Lannen** **15.00** **Griewerseenung**

**Méchelbuch** **15.00** **Griewerseenung**

**Kolpech** **15.30** **Griewerseenung**

**Schandel** **15.30** **Griewerseenung**

**Useldeng** **19.30** ***Night of the Saints:***
*Kierch*
**Um Wee vun der Synod:**
**Ronndëschgespréich mam Thema "Kierch elo an an Zukunft ?"**
**mam Abbé Fernand Huberty**
*Org.: Kierch am Duerf (KaD) Gemeng Useldeng*

**Freideg 04. November Häerz-Jesu-Freideg**

**Vichten** **18.00** **Rousekranzgebiet** 

**Vichten** **18.30** **Mass**

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **05. November** | |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Biekerich** | **18.30** | **Haupeschmass encadréiert vun de "Réidener Juegdbléiser"** |
| **Sonndeg** | **06. November** | **32. Sonndeg am Joreskrees** |
| **Dellen** | **10.00** | **Kiermesmass**<br>Verst. Fam. Petry-Schuster-Jacoby<br>Verst. Fam. Hoffmann-Schroeder-Olinger<br>Fam. Agnes-Thurmes-Bildgen<br>Angèle & Eugène Meyers-Lies<br>Stg. R.D. Michel Kreins & Stg. fir Wohltäter<br>**uschléissend Griewerseenung** |
| **Useldeng** | **10.30** | **Houmass**<br>JM. Jos Kerger<br>op Meenung (B)<br>Fam. Nothumb-Mersch-Meyris<br>Marie & Jean-Pierre Scholtus-Dondlinger<br>Verst. Fam. Harpes, Hess, Molitor |
| **Useldeng** | **11.30** | **Daffeier Anna GORBATIOUK** |
| **Réiden** | **18.30** | **Messe en français** |
| **Dënschdeg** | **08. November** | **Hl. Willibrord, 2. Diözesanpatréiner** |
| ***Iechternach***<br>*Basilika* | **15.00**<br>**15.30** | **Rousekranzgebiet**<br>**Mass zu Éier vum Hl. Willibrord fir d'Dekanat Zentrum** |
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet** |
| **Donneschdeg** | **10. November** | |
| **Groussbus** | **18.30** | **3/4 Stonn fir mech mam Härgott** |
| **Samschdeg** | **12. November** | |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Ell** | **18.30** | **Wuertgottesdingscht** |
| **Rippweiler** | **18.30** | **Kiermesmass & Fest vun der Hl. Caecilia**<br>Liew. & Verst. Memberen v.d. Chorale Rippweiler<br>Fam. Léon Hilgert-Ney<br>Stg. Fam. Nilles-Schroeder-Schmit u. Wohltäter |

**Vichten** **18.30** **Virowendmass & Fest vun der Hl. Caecilia**
Liew. & Verst. Memberen v.d. Chorale
op Meenung (F)
Stg. Fam. Bissen-Besenius

## Sonndeg 13. November WELTDAG VUN DEN AARMEN

**Osper** **10.00** **Kiermesmass & Fest vun der Hl. Caecilia**
zum Hl. Willibrord fir d'Lëtzebuerger Kierch
Liew. & Verst. Memberen v.d. Chorale & Victor Salentiny a Pierre Gerekens
Verst. Fam. Goedert-Schmit
**uschléissend Griewerseenung**

**Randschelt** **10.00** **Kiermesmass & Fest vun der Hl. Caecilia**
zum Hl. Willibrord fir d'Lëtzebuerger Kierch
Liew. a Verst. Memberen vum Gesank Gemeng Wahl
JM Anna Roulling-Dahm, Camille Reuter, Fam. Reuter-Strahnen
**uschléissend Griewerseenung**

**Biekerich** **10.30** **Houmass & Fest vun der Hl. Caecilia**
Liew. & Verst. Memberen v.d. Chorale

**Réiden** *Polyvalent* **18.00** **FORUM iwwer d'Arbichten vum Pastoralrot an iwwer d' Virbereedungsversammlungen vun der Synod mat der Madame Josiane Mirkes. Mir stellen den Abbé Jacques Bagnoud als neien Subsidiaire vir.**
Mir zervéieren eppes fir z'iessen.
*W.e.gl. umellen am Parbüro um Tel: 23 62 10 53 bis den **8.November***

## Dënschdeg 15. November

**Iewerleng** **15.00** **Rousekranz- an Psalmegebiet**

**Réiden** *Aula* **15.00** **Kaffiskränzchen fir déi eeler Persounen aus der Par**
*Org.: Kranken- & Altenpastoral & Fraen a Mammen-ACFL Par Atertdall Sainte-Claire*
**Wann Dir e Chauffeur braucht, rufft w.e.gl. un Tel: 23 62 07 20 / 691 497 273**

## Mëttwoch 16. November

**Nojem** **18.30** **Mass**

## Donneschdeg 17. November

**Préizerdaul** **15.00 - 18.30** **Ubiedung – Adoration**
*Et kann ee kommen a goen, esou wéi ët engem an de Dagesprogramm passt. Jiddereen ass wëllkomm.*



**Préizerdaul** **18.30** **Mass**
op Meenung (SK)

## Freideg 18. November

**Ell** **18.30** **Erënnerungsfeier fir déi Verstuerwen vun dësem Joer** _Org.:_ *Equipe Begriefnispastoral*

**Vichten** **18.30** **Erënnerungsfeier fir déi Verstuerwen vun dësem Joer** _Org.:_ *Equipe Begriefnispastoral*

## Samschdeg 19. November Hl. Elisabeth

**Schandel** **10.00** **Kommiounsvirbereedung**

**Biekerich** **16.00** **Daffeier Zoe Klein**



**Vichten** **17.00** **Petite Pasto**



**Réiden** **17.00** **Beichtgeleeënheet – confession**

**Préizerdaul** **18.30** **Virowendmass a Fest vun der Hl. Caecilia mat der Philharmonie Préizerdaul**
1.JM René Ferber & Irma Ferber-Hutmacher & Paul Ferber & Liliane Gengler-Ferber

## Sonndeg 20. November FEST VU CHRISTUS DEM KINNEK

**Useldeng** **10.30** **Houmass a Fest vun der Hl. Caecilia**
Liew. & Verst. Memberen vun der Chorale & vun der Harmonie
op Meenung (B)
Fam. Schroeder-Miller
Fam. Gilson-Meyers, Gilson-Ponchelet a Leo Frank

**Wahl** **10.30** **Houmass**
Marco Mausen & Albert Ney an Elise Koob
Stg. Antoine Marx & Maria Wagner
Stg. Anna Becker-Bissen & Joseph Becker

**Réiden** **18.30** **Owesmass**
Stg. Wohltäter der Kirche


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
Mir stinn lech zur Säit fir Äert Graf vun Äre léiwe Verbliwwenen ze ënnerhalen. Schéi Blummen, ofwäschen oder nei ausfouen.
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu



# KANNER AN FAMILLJENHËLLEF A.S.B.L

**Liewensmëttelpäck-Aktioun fir Chrëschtdag fir aarm Familljen a Rumänien vum 1/11 bis den 20/11/2022**

KANNER AN FAMILLJENHËLLEF a.s.b.l. organiséiert eng Kollekt vun Liewensmëttelpäck, déi fir Chrëschtdag verdeelt ginn duerch déi international Hëllefs-organisatioun TRIUMPF DES HERZENS (www.osteuropahilfe.ch). Gratis Këschten kritt Dir op de Sammelplaatzen oder an de Kierchen vun Ärer Par vum 1.November un.
D'Këschten sollen all dselwecht gefëllt sinn mat folgenden Saachen: 1kg Zocker, 1kg Miel, 1kg Räis, 1kg Spaghetti, 1kg Schmull (semoule de blé) oder gedréchend Ierbëssen/Lënsen, 250 g Kaffi, 1-2 Fëschkonserven, 500g Margarine, 1 Packung Friichtentéi, 250g Back-Kakao (keen Nesquik, Kaba, etc.), 4 Päckelcherszoppen à 4 Telleren, 3 Packungen Bouillonscuben, Vitaminbrausetabletten, Kamellen, Chrëschtgebäck, 400g Schokola, Drauwenzocker a Knätsch. Eng Chrëschtkaart mécht och ëmmer Freed. Op de Verfallsdatum oppassen an nëmmen déi opgezielten Liewensmëttel an de Pak maachen! Fir Problemer op der Grenz ze vermeiden, musse mir all Këschten kontrolléieren. D´Këscht **net** zoupechen/ zoustrécken. Gitt w.e.g. dës gefëllte Këschten **virum 20. November** op de Sammelplaazen of.
Dir hutt awer och d'Méiglechkeet fir Geld op den Sammelplaazen ofzeginn fir Këschten vun äis fëllen ze loossen (30€ pro Këscht).

Oder awer dir kënnt och spenden fir d'Transportkäschten vun dëser Aktioun oder fir rumänesch Kannerheemer mat der entspriechender Mentioun op dëse Konto:

**CCPLLULL: IBAN LU61 1111 7038 8755 0000**
**KANNER AN FAMILLJENHËLLEF A.S.B.L.**

Mir sammelen och nach Kleeder, waarm Decken an Kannerspillsaachen, alles an engem propperen an gudden Zoustand.

## Villmools Merci fir all Hëllef!



**Sammelplazen sinn:**

Parbüro: Tel: 23 62 10 53 - 40, Grand-rue L- 8510 Réiden-Atert
Francine Reiser: Tel: 661 621 513 - 23, rue de Reimberg L- 8606 Bettborn/Préizerdaul
Christiane Philippe: Tel: 621 323 234 - 9, a Wokelt L- 8715 Iewerleng
Marie Claire Rasqué: Tel: 23 62 07 20 / 621 618 855 - 6 Hatzebierg, L-8528 Kolpech

---

## SAMMELAKTIOUN: Bräller fir Leit aus dem Togo (Afrika)

Léif Matchrëschten,ech sammele Bräller déi dir vläicht net méi braucht, fir mengem Frënd aus dem Togo ze schécken, déi hien bedürftigen Leit weider gett. An verschiddenen Kirchen fand dir **eng Këscht fir d'Bräller dran ze leeën** oder dir kënnt mir um Tel. 99 00 57 Bescheed soen op dir des Initiativ wëllt ennerstëtzen.

**Merci** *Félicien Schannel 8, rue Neuve L- 9188 Vichten Mail: schannel@pt.lu*

# Advent a Chrëschtdag an eiser Par



Lues a lues kéint och dëst Joer Chrëschtdag méi no. Fir datt dëst schéin Fest ka würdeg gefeiert ginn, bastele mir, d'Fraen aus der Par, erëm Adventskränz (40-45 €) an Arrangementer (ab 20 €). Leit, déi hëllefe wëllen oder hiren Adventskranz oder Arrangement op Wonsch bestellen, sollen sech w.e.g. beim Marie Claire mellen um Tel: 23 62 07 20 oder GSM: 621 618 855 oder Email: mrasque@hotmail.com

Dir kënnt är Bestellung siche kommen – mir hunn och eng kleng Ausstellung – oder kritt se op Wonsch Heem geliwwert.

Den Erléis ass fir de „Wasserprojet Madagascar“



*Cette année les femmes de la paroisse préparent des couronnes de l'Avent ainsi que de la décoration pour Noël. Vous êtes les bienvenu(e)s pour y participer.*
*Pour les commandes veuillez vous adresser à Marie Claire tél : 23 62 07 20 / 621 618 855*
*Mail - courriel: mrasque@hotmail.com*
*Vous pouvez venir chercher votre commande – nous avons aussi une petite exposition – ou sur demande, nous vous livrons votre commande à la maison.*

*La recette de la vente est au profit du* «Projet EAU au Madagascar».



# + GRIEWERSEENUNGEN + BÉNÉDICTION DES TOMBES +

| Duerf | Datum | Auerzäit | Kierch / Kierfecht |
|---|---|---|---|
| BUSCHRODT | 23.10.2022 | 10:00 | Kiermesmass & Griewerseenung |
| ROODT | 23.10.2022 | 10:30 | Griewerseenung |
| NIEDERPALLEN | 23.10.2022 | 15:00 | Griewerseenung |
| | | | |
| GROSBOUS | 30.10.2022 | 10:00 | Mass & Griewerseenung |
| ELVANGE | 30.10.2021 | 10:00 | Kiermesmass & Griewerseenung |
| USELDANGE | 30.10.2022 | 15:00 | Griewerseenung |
| BECKERICH | 01.11.2022 | 10:00 | Mass & Griewerseenung |
| REDANGE | 01.11.2022 | 10:00 | Mass & Griewerseenung |
| OBERPALLEN | 01.11.2022 | 11:15 | Griewerseenung |
| KUBORN | 01.11.2022 | 14.30 | Griewerseenung |
| ELL | 01.11.2022 | 15:00 | Mass & Griewerseenung |
| HEISPELT | 01.11.2022 | 15.00 | Griewerseenung |
| NOERDANGE | 01.11.2022 | 15:00 | Griewerseenung |
| GREVELS | 01.11.2022 | 15.00 | Griewerseenung |
| WAHL | 01.11.2022 | 15.30 | Mass & Griewerseenung |
| RIPPWEILER | 01.11.2022 | 15:45 | Griewerseenung |
| BETTBORN | 02.11.2022 | 10:00 | Mass & Griewerseenung |
| VICHTEN | 02.11.2022 | 10:00 | Mass & Griewerseenung |
| NAGEM | 02.11.2022 | 14:30 | Griewerseenung |
| EVERLANGE | 02.11.2022 | 15.00 | Griewerseenung |
| LANNEN | 02.11.2022 | 15:00 | Griewerseenung |
| MICHELBOUCH | 02.11.2022 | 15.00 | Griewerseenung |
| COLPACH-BAS | 02.11.2022 | 15:30 | Griewerseenung |
| SCHANDEL | 02.11.2022 | 15:30 | Griewerseenung |
| DELLEN | 06.11.2022 | 10.00 | Kiermesmass & Griewerseenung |
| RINDSCHLEIDEN | 13.11.2022 | 10:00 | Kiermesmass & Griewerseenung |
| OSPERN | 13.11.2022 | 10:00 | Kiermesmass & Griewerseenung |